N°77
Entrée le 01.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.12.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Dëst Joer gouf zu Rodange ee Park&Ride mat iwwer 1500 Parkplazen opgemaach.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Am Koalitiounsaccord ass festgehalen, dass Parkingsflächen solle mat Solaranlagen equipéiert ginn. Ass dëst bei dësem Parking schonn de Fall?
    - Falls jo, wéi vill Stroum kann hei am Joer hiergestallt ginn?
    - Falls nee, bis wéini wäert dës Fläch mat Solaranlagen equipéiert ginn?

2. Op wéi engen aneren CFL-Parkingen a Gebaier si Solaranlagen installéiert a wéi vill Stroum kann hei am Joer produzéiert ginn?

3. D'Beliichtung vun dësem Parking zu Rodange ass och nuets un. Kann d'Ministesch bestätegen, dass d'Luuchten aus Sécherheetsgrënn ugelooss ginn? Falls jo, wéi vill Stroum gëtt dofir pro Nuecht verbraucht?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°77
Entrée le 02.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 77 vum 1. Dezember 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Betreffend de Solaranlagen op de Parkingsflächen, esou ewéi am Koalitiounsaccord festgehalen, ass d'Gebai vum P+R zu Rodange zanter Ufank 2023 mat enger Photovoltaikanlag equipéiert. Déi viraussichtlech Joresproduktioun beleeft sech op 216.000 kWh.

Och op dem Gebai vum P+R zu Miersch ass zanter Ufank 2023 eng Photovoltaïkanlag a Betrib. Dës viraussichtlech Joresproduktioun beleeft sech op 216.000 kWh.

Eng zousätzlech Photovoltaïkanlag ass op der Hal 4 um Site vum Centre de remisage et de maintenance installéiert a produzéiert 140.620 kWh pro Joer.

Bezüglech der Beliichtung vum Parking zu Rodange sinn eng normal Beliichtung an eng Sécherheetsbeliichtung installéiert. Déi normal Beliichtung gëtt tëschent 20.00 a 5.00 Auer iwwer Präsenzmelder aktivéiert.

Déi installéiert Leeschtung vun der normaler Beliichtung ass 53kW. Den Energieverbrauch ergëtt sech aus der Benotzung vum Parking an ass deemno variabel.

Lëtzebuerg, den 2. Januar 2024.

D' Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes